N°1563
Entrée le 21.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Am Artikel 23 vum Gesetz vum 18ten Dezember 2009 iwwert d'Sozialhëllefen ass virgesinn, dass de Staat an d'Gemengen sech d'Käschte vum Office social zu 50% deelen. Dës Ënnerstëtzung gouf am Gesetz esou gereegelt, dass d'maximal staatlech Bäihëllef eng sozial Aarbechtsplaz pro 6000 Awunner an enger Gemeng fir d'Personnel d'encadrement ëmfaasst an eng Hallef Aarbechtsplaz fir d'administratiivt Personal.

Jee no Gemeng stellt sech d'Fro, ob 3 bis 4 Persoune bei Honnerte Fäll an deels komplexen Dossieren duerginn, fir d'Aarbecht propper kënnen ze bewältegen. Et ass och esou, dass d'Gemengen net d'selwecht sinn an eng Gemeng bei gläicher Bevëlkerungszuel vill méi Fäll an den Offices sociaux huet, wéi eng aner.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass dës Regierung sech bewosst, dass déi sozial Situatioun tëschent de Gemengen hei am Land ënnerschiddlech ass an eng Gemeng bei gleicher Awunnerzuel vill méi Dossieren am Office social muss traitéieren, ewéi eng aner Gemeng?
    - Falls jo, wäert d'Regierung Upassungen um Gesetz maachen, fir d'Gemenge bei de Personalkäschten an den Offices sociaux méi z'ënnerstëtzen, onofhängeg vun der Awunnerzuel?
    - Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten